LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1086 vum 5. August 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend d'« Gestion Locative Sociale ».**

Fro 1

„Gestion Locative Sociale" besteet doranner dat de Privatproprietären engem konventionéierte Partner eng Wunneng iwwert e gewëssenen Zäitraum zur Verfügung stellt an dat zu engem maximale Loyer tëschen 10-12 EUR/m2 deen net indexéiert ass fir dem Locataire och eng Loyerssécherheet ze bidden. De Model vun der „Gestion Locative Sociale" ass e Model deen haaptsächlech den „Lehrstand" vun de Wunnengen zu Lëtzebuerg viséiert a manner den Neibau betrëfft.

D'Regierung analyséiert eng Erhéijung vun der Prise en charge vun de Frais de gestion vun de konventionéierte Partner.

De Pilot Projet an dem privat Développeuren/Proprietären ob privat Terraine Wunnenge baue sollen ass net mat der "Gestion Locative Sociale" ze vergläichen. Et ass e komplementare Modell deen den Neibau vu Wunnenge betrëfft déi dann iwwert en Zäitraum vun 20 Joer an der "Abordabilitéit" geréiert soll ginn. An dësem Modell ass eng gewëss Indexéierung vum Loyer deen de Bailleur un de Proprietäre bezuele muss ugeduecht. Dëst erméiglecht et dem Développeur de Projet iwwer Friemfinanzéierung iwwer 20 Joer finanzéieren ze kennen. De Loyer deen de Locataire bezilt variéiert jee no Akommes vum Stot.

Fro 2

1. Well déi 2 Modeller net a Konkurrenz stinn, mee komplementar sinn, wäert de „GLS Modell" weiderhi fir alleguerten di Wunnengen déi eidel stinn attraktiv sinn.

2. Vue que dat de GLS Modell Privatproprietären an net Développeuren usprécht, wäert och an Zukunft de „GLS Modell" fir Privatpersounen attraktiv bleiwen. Des Weideren huet Regierung de steierlechen Avantage vu 75% op 90% vum "Revenu locatif net" gehuewe wat e weideren Ureiz fir de Proprietär bedeit.

Lëtzebuerg, de 03/09/2024.
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch